Lëtzebuerg, den 3. Abrëll 2023

Här Fernand ETGEN
Chamberspresident
LËTZEBUERG

DEMOKRATESCH PARTEI

Chambre des Députés
Groupe Parlementaire

9, rue du St. Esprit
B.P. 510
L-2015 Luxembourg

Tel. : 22 41 84 1
Fax : 47 10 07

dp@dp.lu
www.dp.lu

Här President,

Esou ewéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten weiderzeleeden:

*„Zanter Joerzéngte ginn d'Führerschäinsexamen an der Nordspëtzt vum Land zu Wooltz an an der direkter Ëmgéigend ofgehalen. Dat erspuert deene Jonken aus de Kantone Wooltz a Clierf wäit Weeër bis an d'Nordstad. Lo soll et awer an noer Zukunft sou sinn, datt dës Exame just nach am Kanton Dikrech sollen ofgehale ginn.*

*Well d'Schülerinnen an d'Schüler beschtméiglech op hir praktesch Prüfung virbereet solle ginn, missten si da meeschtens am Raum Nordstad mat der Autoschoul trainéieren. Fir déi Jonk aus dem Éislek an dem Réidener Kanton bedeit dat awer een enormen Zäitopwand, well se dacks 40 bis 50 Kilometer fuere mussen, bis datt si zu Dikrech oder Ettelbréck ukomm sinn; kaum ze schwätze vum zousätzlechen Trafic, deen doduercher entsteet.*

*An deem Kader wollt ech dem Här Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten folgend Froe stellen:*

- *Stëmmt et, dat d'Exame fir de Führerschäin am Nordbezierk an Zukunft nëmmen nach an der Nordstad ofgehale solle ginn?*

- *Wa jo, ass den Här Minister net bereet, fir dës Entscheedung am Sënn vun der Dezentraliséierung a vu manner Ressourceverbrauch ze iwwerdenken?*

- *Ass et méiglech fir zesumme mat der Stad Wooltz nei Raimlechkeeten ze sichen, déi et erlaben, dës praktesch*

*Examen weiderhin an der Ardennenhaaptstad z'organiséieren?“*

Mat déiwem Respekt,

André BAULER
Deputéierten